PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Gesetzesprojet 7649

Lëtzebuerg, den 29/04/2021

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- D'Ministere fir Wirtschaft an Energie hunn an hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1358 vum 18ten Oktober 2019 Folgendes geäntwert: "Ouni dass e Fournisseur […] spezifesch Atomstroum oder Stroum aus fossillen Energien akeeft, kritt hien automatesch fir den net identifizéierte Stroum dëse "mix résiduel" a sengem Stroummix agerechent. De Stroumfournisseur kann awer, wann hien dat wëllt, fir dës Quantitéiten och Zertifikaen (GO) nokafe fir och dësem Stroum eng Hierkonft zouzedeelen. Sou erkläert sech, dass den nationale Stroummix 2018 nach zu 10,4% aus Atomstroum an zu 34,0% aus fossiller Energie bestanen huet, och wann dës Zuelen net onbedéngt komplett d'Realitéit ofbilden.";
- D'Majoritéitsparteien an der Chamber an an der Regierung schwätzen sech a villen Occasioune géint d'Produktioun an d'Benotze vun Atomstroum aus;

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. bis Enn vun dësem Joer ee konkrete Plang virzeleeën, fir den Atomstroum aus dem "mix résiduel" auszeschléissen an dëse bis 2030 ëmzesetzen.